ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Juni 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Aus der Press si mir vun engem gelungene Prozess wéinst engem Geschwindegkeetsdelikt gewuer ginn (RTL, 3. Juni 2020). Anscheinend kann en Automobilist net wéinst ze séierem Fuere verurteelt ginn, well d'Vitesslimitatioun iwwert e ministeriellt an net iwwert e groussherzoglecht Reglement geholl ginn ass. Elo stelle sech eis e puer Froen, déi mir gäre beäntwert hätten:

1. Kann d'Regierung bestätegen, datt an engem bestëmmten Zäitraum d'Vitesskontrollen op der Escher Autobunn A4 op der Héicht vu Steebrécken net iwwert e groussherzoglecht Reglement ofgedeckt waren?
2. Wéi laang sinn do Kontrolle gemaach ginn, ouni datt et eng rechtlech Basis duerfir gouf a wéi vill Automobiliste sinn dowéinst an deem Zäitraum protokolléiert ginn?
3. Wat ënnerhëlt d'Regierung fir deenen zu Onrecht bestroofte Chauffeuren, déi hire Protokoll scho bezuelt hunn, hir Suen zeréckzeginn?
4. Ass d'Regierung der Meenung, datt all déi betraffe Chauffeure mussen onbürokratesch entschiedegt ginn, ouni datt si forcéiert sinn, eng Geriichtsprozedur an d'Weeër ze leeden fir déi Suen, déi onrechtméisseg verlaangt gi sinn, zeréckzekréien?
5. Ass d'Regierung bereet, d'Rechtméissegkeet vun alle Vitesse-Reglementatiounen a besonnesch deenen, déi zu heefegen an cibléierte Radarkontrolle gefouert hunn, wéi grouss Autobunnschantecher, ze préiwen, fir sécherzestellen datt esou e Feeler wéi dësen en Eenzelfall war?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten